N° 8083
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8083 vun den honorabelen Deputéierten Marc Spautz a Paul Galles**

De schrëftlechen Deel vum Première-Examen leeft iwwer 7 Deeg, déi op 2 Woche verdeelt sinn. Wärend dëser Zäit schreift all Schüler Examen an 6 Fächer. Well dëst Joer Päischten, an domat och d'Päischtvakanz, relativ spéit louch, war den Ecrit ursprénglech integral virun dëser Vakanz geplangt. Den Oral sollt no der Vakanz stattfannen.

Am Virfeld vun den Examen huet d'CNEL Bedenke geäussert, well déi 7 Examensdeeg vum schrëftlechen Examen op zwou Wochen hannerenee louchen. Si hunn dorop higewisen, dass d'Schüler wéinst der Pandemie méi eng schwiereg Troisième an Deuxième hannert sech hätten an hunn duerfir gefrot, datt eng Preparatiounszäit tëschent déi 2 Ecrits-Examenswochen géif placéiert ginn. Fir deem Wonsch kënnen nozekommen an trotzdeem de Schüler den Diplom spéitstens den 1. Juli zur Verfügung ze stellen, gouf eng Woch Oral mat enger Woch Ecrit ausgetosch.

Dës eemoleg Mesure huet awer mat sech bruecht, dass manner Zäit bliwwen ass, fir den zweeten Deel vum Ecrit ze verbesseren. Fir dass d'Membere vun den Examenskommissiounen nawell mat der néideger Rou hir Kopien verbessere konnten, hunn ech d'Direktiounen vun de Lycées ugewisen, gläich no de jeeweilegen Epreuven vun der 2. Ecrit-Woch Kopien vun de Schüler hiren Äntwerten un den zweeten an drëtte Correcteur ze schécken.

An där zweeter Partie vum Première-Examen goufen 8.286 individuell Epreuvë geschriwwen. D'Kopien, déi gemaach goufen, verdeele sech folgendermoossen op d'Sectiounen a Varianten vum ESC an op d'Sectiounen vum ESG:

| Ordre d'enseignement | Sectioun | Individuell Epreuven | Unzuel Sälten |
|---|---|---|---|
| ESC | CA / CA_MATA | 168 | 2 688 |
| ESC | CA_MATA | 30 | 480 |
| ESC | CA_LLCO | 63 | 1 008 |
| ESC | CA_MALF | 12 | 192 |
| ESC | CA_PSYA | 14 | 224 |
| ESC | CA_PSYF | 4 | 64 |
| ESC | CB / CB_4LANG | 337 | 5 392 |
| ESC | CC / CC-4LANG | 1223 | 19 568 |
| ESC | CD / CD-4LANG | 860 | 13 760 |
| ESC | CE | 129 | 2 064 |
| ESC | CF | 69 | 1 104 |
| ESC | CG / CG_4LANG | 1098 | 17 568 |
| ESC | CG_URBS | 19 | 304 |

| Ordre d’enseignement | Sectioun | Individuell Epreuven | Unzuel Sälten |
|---|---|---|---|
| ESC | CG_COMED | 13 | 208 |
| ESC | CI | 29 | 464 |
| ESG | GA3D | 22 | 176 |
| ESG | GACV | 78 | 624 |
| ESG | GCC | 12 | 96 |
| ESG | GCF | 45 | 360 |
| ESG | GCG | 581 | 9 296 |
| ESG | GED | 1002 | 8 016 |
| ESG | GGH | 42 | 336 |
| ESG | GIG | 453 | 7 248 |
| ESG | GIN | 68 | 1 088 |
| ESG | GMM | 54 | 432 |
| ESG | GSE | 20 | 160 |
| ESG | GSH | 87 | 696 |
| ESG | GSI | 359 | 2 872 |
| ESG | GSN | 348 | 5 568 |
| ESG | GSO | 1047 | 16 752 |
| **ESG + ESC** | Total | 8286 | 118808 |

Et ass allerdéngs kaum méiglech, dës Zuele pro Lycée ze ventiléieren.

Lëtzebuerg, den 11.Juli 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH